# *d'Schnéiwittchen*

© Minimix 2010

| | |
|---|---|
| Erzieler | Mattsen am Wanter - dobaussen huet ët geschneit … d'Flacke si wéi Fiedere vum Himmel erofgefall … ganz lues, ganz roueg -, do soutz eng Kinnegin bei der Fënster - et war eng grouss Fënster, mat engem pechschwaarze Kader - eng Fënster, duerch déi vill Luucht an d'Zëmmer koum … d'Kinnegin soutz do ze bitzen. Ma op eemol huet se a Gedanken opgekuckt - d'Schnéiflacken haten hiere Bléck ugezunn … an d'Kinnegin ofgelenkt : Ee Moment nët opgepasst, schonn hat se sech mat der Bitz-Nol an de Fanger gepickt. Si huet d'Fënster opgerappt, an de Fanger an d'Keelt erausgestréckt. Do sinn 3 Drëpse Blutt erof an de Schnéi gefall. De Fanger huet wuel e bësse wéi gedoen, mä dat huet d'Kinnegin nët méi geplot : Déi 3 rout Flecken an deem wäisse Schnéi hunn esou schéin ausgesinn, datt se duecht … |
| Kinnegin (1) | « Oh, hätt ech dach nëmmen e klengt Këndchen mat enger Haut sou wäiss wi Schnéi, mat Bäckelcher esou rout wéi Blutt, a mat Hoer esou schwaarz wéi d'Rumm vu menger Fënster ! » |
| Erzieler | A kuck do: Kuerz drop huet d'Kinnegin och e Puppelche kritt, e klengt Meedchen, mat schnéiwäisser Haut, mat bluttroude Bäckelcher … a mat Hoer esou pechschwaarz wéi d'Nuecht. Si huet hiert Këndche Schnéiwittche genannt.<br>Ma d'Schnéiwittche war just op der Welt, du ass d'Kinnegin gestuerwen. De Kinnek war schrecklech traureg, e ganzt Joer laang ass en nët driwwer ewechkomm - ma no där Zäit huet e sech erëm nei bestuedt : Et war eng schéi Fra, déi nei Kinnegin - awer keng gutt : Si konnt ët nët verquëssen a wollt ët och nët gleewen, datt ee sollt méi schéi sinn wéi si, an hierem Kinnekräich.<br><br>Emmer erëm wollt se héiere, wéi schéi se wär - dofir huet se sech och ëmmer erëm virun hiere klenge Zauber-Spijhel gestallt, an dee gefrot : |
| Kinnegin | « Spijhel, Spijhel un der Wand , wéin ass déi Schéinsten am ganze Land ? Sief éierlech ! » |
| Erzieler | An de Spijhel huet geäntwert : |
| Spijhel | « Kinnegin, *Dir* sitt déi Allerschéinst wäit a breet, well wär et anescht, da wéisst ech bescheed ! » |
| Erzieler | Dat konnt d'Kinnegin (wéi gesot) guer nët dachs genuch héieren. Si war zefridde well se wousst, datt hiere Spijhel ëmmer géng d'Wourecht soen.<br><br>Mä do war d'Schnéiwittchen jo och nach ganz kleng. Wéi ët awer méi grouss ginn ass, gouf ët och ëmmer méi schéin. All Joer méi schéin …<br><br>… an enges Dags, wéi ët der bis 7 hat, huet d'Kinnegin nees eemol hierem Spijhel d'Fro gestallt : |

| | |
|---|---|
| Kinnegin | «  Spijhel, Spijhel un der Wand , wéin ass déi Schéinsten am ganze Land ?  Sief éierlech ! » |
| Erzieler | A wat huet de Spijhel déi Kéier g'äntwert ? |
| Spijhel | « Kinnegin, Dir *waart* déi Allerschéinst wäit a breet, mä dat ass elo anescht, sou leed ët mer deet. » |
| Erzieler | Der Kinnegin ass d'Häerz bal stoe bliwwen … domat hat se nët gerechent : |
| Spijhel | « D'Schnéiwittchen ass elo méi schéi wi Dir dausend mol méi schéin suguer, stellt Iech dat vir ! » |
| Erzieler | D'Kinnegin ass nët just erféiert, si gouf vrun allem rosen : Greng a giel huet se sech g'iergert … a wa se d'Schnéiwittchen nëmme gesinn huet, krut se schonn e Knuet an de Mo. An et ass nët besser ginn - am Géigendeel : all Dag ass hier Roserei méi staark ginn, si war jalous an opbruecht, se gouf ëmmer méi foxdäiwelswëll, konnt nuets kaum nach schlofen, an dagsiwwer un näischt anescht méi denken - bis s'et nët méi ausgehal huet.<br>Si huet e Jeeër bei sech komme gelooss, an him dësen Optrag ginn : |
| Kinnegin | « Géi mam Schnéiwittchen eraus an de Bësch, a maach ët dout ! Ech wëll ët nie méi gesinn ! A schmier mech nëmmen nët un : schneit ëm seng Long a seng Liewer eraus, a breng se heihinn … ech wëll e Bewäis, datt ët mer nie méi iwwert de Wee lafe wäert. » |
| Erzieler | De Jeeër huet gefollegt. Wat sollten och anescht machen. En ass mam Meedchen an de Bësch gaang, a wou en d'Flënnt schonn ugeluecht hat, huet d'Schnéiwittche gejéimert : |
| Schnéiwittchen | « Léiwe Jeeër, looss mech liewen. Wann ech glift. Ech verspriechen Der och: ech bleiwen hei am Bësch, ech kommen nie méi heem - du kanns dech drop verloossen ! » |
| Erzieler | D'Schnéiwittchen huet esou aarmsélieg gebiedelt, datt de Jeeër Matleed krut : |
| Jeeër | « Da laaf alt … » |
| Erzieler | … sot en … |
| Jeeër | «  … mä komm der Kinnegin léiwer nie méi ënnert d'Aen. » |
| Erzieler | Dat huet d'Schnéiwittche scho guer nët méi matkritt, sou séier hat et sech duerch d'Bascht gemaach.<br><br>De Jeeër war erliichtert - hien huet zwar gefaart, dat klengt Meedchen géif - bei all deene wëllen Déieren, déi am Bësch ronderëm lafen - nët laang iwwerliewen; ma op d'mannst hat *hien* ët nët um Gewëssen.<br><br>En huet just de Bewäis gebraucht, fir d'Kinnegin - du huet en einfach e jonkt Wëllwschwäin erluecht, an <u>deem</u> d'Long an d'Liewer erausgeholl. D'Kinnegin ass drop eragefall. A just fir ze soen, wéi eekleg a béisaarteg se war : si huet de Kach ugestallt, déi 2 Stecker Fleesch ze broden, an huet se du viru sengen Aen verdréckt. |

| | |
|---|---|
| Erzieler | Jo, an elo stoung ët do, d'Schnéiwittchen - dat aarmt klengt Meedchen - ausser Otem a mutterséileneleng mattsen an deem grousse Bësch. Et war em nët eent un, et huet richteg gefaart … a vun elauter Angscht ass ët du einfach ëmmer méi déif erageläf an de Bësch, et huet d'Steng nët gespiert ënnert senge Féiss, och déi spatz Äscht an d'Dëstelen hunn ëm näischt ausgemaach. Et ass gelaf, a gelaf, bis d'Sonn ugefaang huet ënnerzegoen … a bis et virun engem klengen Heische stoung.<br><br>D'Schnéiwittchen huet un d'Dier geklappt, mä 't huet keen opgemaach : Et war wuel keen doheem. D'Dier war awer nët zougespaart. Du huet d'Schnéiwittchen d'Nues emol an d'Haus eragestreckt. Effektiv : keng Séil wäit a breet ! Mä alles esou propper, su reng - an alles och esou kleng : Esou eppes hat hatt nach nie gesinn. Do stoung e klengen Dëschelchen mat 7 klengen Telleren drop. An op all Teller louch ee Läffelchen, niewendrun e Messer an eng Forschettchen. An e klenge Becher just virdrun. Laanscht d'Mauer stounge 7 Bettercher, déi ware mat schnéiwäisse Lëlldecher iwwerzunn.<br><br>D'Schnéiwittchen huet gestaunt : |
| Schnéiwittchen | « A wou sinn nëmmen ech hei gelannt ! » |
| Erzieler | … duecht ët, mä well ët esou hongereg war, huet ët sech nët laang mat deem Gedanken opgehal. Et huet vun all Tellerchen e bësse Geméis a Brout geholl - a well ët duuschtreg war, huet et aus all Becher eng Schlippche Mëllech gedronk. A well ët esou mitt war, huet et sech direkt duerno op eent vun deene klenge Better geluecht - an et huet nët laang gedauert, du war ët fort … an ët huet fest geschlof. |
| Erzieler | Dobausse war ët an der Tëschenzäit stackdäischter ginn, an déi 7 Zwergen, deenen dat klengt Heischen do gehéiert huet, an déi dagsiwwer an enger Grouw no bäi no Gold gesicht hunn, koumen heem. (Musek)<br>Si ware mitt geschafft, awer zefridden. Doheem hu si gläich hier 7 kleng Liichtercher ugefaang, a wéi et du bis hell war am Haus, hu se gemierkt, datt nët méi alles grad esou propper nett do stoung, wéi si et muerges nach dohigestallt haten. |
| Zwerg 1 | « Wee soutz op mengem Stillchen ? » |
| Erzieler | … huet ee vun den Zwerge gefrot. |
| Zwerg 2 | « A ween huet vu mengem Tellercher giess ? » |
| Erzieler | … huet een anere sech gewonnert. |
| Zwerg 3 | «Ween huet a mäi Bréitche gebass ? » |
| Zwerg 4 | « Ween huet vu mengem Geméiss giess? » |
| Zwerg 5 | « Ween huet aus mengem Becherche gedronk ? |
| Zwerg 6 | « Ween huet mat mengem Messerche geschnidden ? » |

| | |
|---|---|
| Zwerg 7 | « … a wee läit do a mengem Bettchen ze schlofen ? » |
| Erzieler | … huet dee 7. Zwerg no enger klenger Paus gepëspert. Déi aner 6 sinn op Zéiwespëtzen bei dat Bettche komm, hu sech driwwer gebeckt a sech d'Schnéiwittchen ugekuckt … |
| Zwergen | « Mäi Gott, mäi Gott - wat ee schéint Kand ! » |
| Erzieler | Si si sech ës nët zoukomm, se waren direkt ganz ewech an dat jonkt Meedchen, dat do louch ze schlofen. Si stoungen nach wéilaang ronderëm d'Bett, ganz roueg, fir datt ët nëmmen nët géif waakreg ginn.<br><br>Mä op eemol waren och d'Zwerge mitt - si haten e laangen, haarden Dag hannert sech, an hu sech an hier Better geluecht. Abee : 6 Zwergen hu sech an hiert Bett geluecht, deem 7. säint war jo besat. Mä dat war nëmmen hallef esou wëll : dee 7. Zwerg huet sech du einfach bei ee vu senge Kolleege getässelt, huet do eng Stonn laang geronkt, fir sech da bei deen nächsten ënnert den Diwwi ze leeën. A sou goung ët virun, déi ganz Nuecht. A wéi d'Sonn muerges opgaang ass, hat dee 7. Zwerg a 6 verschiddene Better ëmmer ganz genee eng Stonn laang gerascht - ouni datt d'Schnéiwittchen eppes dovu matkritt hätt.<br><br>Wéi dat waakreg gouf, deen anere Muergen, ass ët fir d'éischt emol ferm erféiert. Et wousst nët direkt, wou ët dru wär - a vrun allem, déi 7 kleng Männercher … déi hat ët jo nach nie gesinn. Et huet sech awer séier erausgestallt, datt déi Band vun Zwergen do nët fir ze fäerte war. |
| Zwergen | « Wéi heeschs de ? » |
| Erzieler | … hu se dat friemt Kand ganz léif gefrot. |
| Schnéiwittchen | « Ma ech sinn d'Schnéiwittchen. » |
| Zwergen matenee | « A wéi bass de hei an eisem Haus gelannt ? » |
| Erzieler | … hunn d'Zwerge matenee gefrot. Du huet ët hinnen déi ganz Geschicht verzielt, vu senger béiser Stéifmamm, déi ët wollt dout maa' loossen, vum Jeeër, deen ët awer nët iwwer d'Häerz bruecht hat, him d'Liewen ze huelen, dee Matleed krut an ët du lafe gelooss huet. An ët huet verzielt, wéi ët e ganzen Dag laang duerch de Bësch gelaf ass, an esou frou an erliichtert war, wéi ët endlech virun deem klengen Haischen stoung - dat eenzegt Haische wäit a breet. A wéi glécklech ët war, e Maufel z'iessen ze fannen, an eng Schlupp ze drénken. An e Bett, fir ze raschten, no där ganzer Opreegung.<br><br>A wéi ët déi ganz Geschicht fäerdeg erzielt hat, sot ee vun den Zwergen : |
| Zwerg 1 | « So, häss de da keng Loscht eis de Stot ze maa'n ? Ze kachen an ze brachen, ze wäschen an ze sträcken, ze kieren an ze botzen, ze bitzen an ze strécken ? Da kéinns de roueg bei eis bleiwen, an ët wäert Der un näischt fehlen. » |
| Schnéiwittchen | « Jo ! » |

| | |
|---|---|
| Erzieler | … sot dSchnéiwittchen, |
| Schnéiwittchen | « Vun Häerze gär géif ech dat maa'n ! » |
| Erzieler | An esou ass ët bei hinne bliwwen, an ët huet hinnen d'Haus an der Rei gehal. Muerges sinn d'Zwerge schaffe gaang, a wa se owes heemkoumen, stoung d'Iesse schonn um Dësch. Dagsiwwer war d'Schnéiwittchen natierlech ganz eleng am Haus. Dat war heiansdo e bëssen onheemlech. Emsou méi, well d'Zwergen ët gewarnt haten : |
| Zwergen | « Pass nëmme gutt op, looss keen eran ! Den Stéifmamm wäert geschwënn erausfannen, datt s de nach liews an elo bei eis bass. » |
| Erzieler | Tjo, déi béis Kinnegin : déi war jo iwwerzeegt, d'Schnéiwittche wär laang dout. An dofir huet si weider näischt geduecht wéi se sech enges Dags erëm virun de de Spijhel gestallt huet, mat hierer éiweger Fro : |
| Kinnegin | « Spijhel, Spijhel un der Wand, wéin ass déi Schéinsten am ganze Land ? Sief éierlech ! » |
| Erzieler | A wat huet de Spijhel g'äentwert ? |
| Spijhel | « Kinnegin, *Dir* sitt déi Schéinst hei am Schlass - mä hannert de Koppe, bei de 7 Zwergen do ass … d'Schnéiwittchen. An dat ass nach dausend mol méi schéi wi Dir. » |
| Erzieler | Dir kënnt Iech nët virstellen, wat dee Saatz ausgeléist huet, an der Kinnegin bannendran. Do huet ët gekacht, do huet et gebrodelt - et war wéi en Aerdbiewen, wéi e Vulkan, dee ugefaang huet ze späitzen … keng Lava, mä riiseg Masse vu Roserei … an dat vun enger Sekonn op déi aner, just wéinst deem enge Saatz. Am léiwsten hätt se de Spijhel jo vun der Mauer gerappt, en op de Buedem gejummt, sou datt en an 1.000 Stecker zerbrach wär. Si huet ët nët gemaach, well se wousst … datt hiere Spijhel géng d'Wourecht soen. Ma si wousst awer och, datt d'Schnéiwittche nach géng liewen, datt de Jeeër se belunn a bedrunn hätt … dofir war se esou rosen. Hier Jalousie ass erëm opgeflaamt, esou hefteg, datt d'Kinnegin just nach ee Gedanken am Kapp hat : d'Schnéiwittchen emzebrengen - well se wousst : soulaang hatt liewt, kommen ech nët zur Rou.<br><br>A si wollt sech déi Kéier op keen anere méi verloosse mussen, fir déi knaschteg Dot ze maa'n - si war esou vun Hass erfëllt, datt se bereet war, sech d'Fangere selwer knaschteg ze maa'n. Si huet sech also verkleedt, wéi eng al schrompeleg Fra - a sech op de Wee bei d'Heische vun de 7 Zwerge gemaach.<br><br>Wéi se do ukoum, huet se un d'Dir geklappt : |
| Schnéiwittchen | « Ween ass do ? » |
| Erzieler | Et huet een dem Schnéiwittchen un der Stëmm unhéieren, datt ët ëm nët ganz wuel war. Et wousst natierlech nët, datt ët seng Stéifmamm wär, déi ët - mat béisen Hannergedanken - opsiche kéim … |
| Kinnegin (al Fra) | « Ech hu wonnerbar Wuer, fir ze verkafen … » |

| | |
|---|---|
| Erzieler | … sot déi Al - si huet extra mat ziddereger Stëmm geschwat – |
| Kinnegin (al Fra) | «  … Rimmer fir ëm d'Taille vu bäschter Qualitéit an an alle Faarwen. » |
| | 'Dat ass bestëmmt eng éierlech, gutt Haut. Déi kann ech roueg eraloossen ?', |
| Erzieler | duecht d'Schnéiwittchen, an ët huet där deiereger Fra d'Dier opgemaach. |
| Kinnegin (al Fra) | « Wëlls de nët een vu menge Rimmer uprobéieren ?<br>Ech hëllefen Der och, en unzedoen … », |
| Erzieler<br><br>Erzieler | … sot déi knaschteg Louder.<br><br>Si huet dem Schnéiwittchen de Rimm em d'Taille geluecht, an en ëmmer méi fest zougezunn … an nach, an nach (den Haass huet hier vill méi Kraaft ginn wéi se a Wierklechkeet hat) - op eemol hat si sou fest zougezunn, datt d'Schnéiwittche keng Loft méi krut, a schwaach gefall ass.<br>Do louch ët elo, um Buedem - wéi dout. An d'Stéifmamm war nët méi wi frou, ët esou do leien ze gesinn : |
| Kinnegin (al Fra) | « Elo bass du daat Schéinst gewierscht … » |
| Erzieler | … huet se nach zefridde fir sech gegrommelt, fir duerno séier ze verschwannen.<br><br>An eis 7 Zwergen ? Tjo, wat war dat e Schock fir si, wéi se owes heemkoumen ! Se duechten d'éischt, d'Schnéiwittche wär dout. Ma glécklecherweis hu se gläich gesinn, datt dee Rimm do vill ze vill enk zougezu war. Du hu se n e séier lass gemaach, an tatsächlech … d'Schnéiwittchen huet nees ugefaang mat otmen. Gott sei Dank ! No e puer Minute war ët nees ganz bei sech, ëmmer nach e bësse bleech ëm d'Nues, d'ass wouer - mä eigentlech schonn erëm ganz gudder Deng, den Emstänn entspriechend - an ët huet d'Geschicht vun där aler Fra mat de ville Rimmer erzielt. |
| Zwerg 2 | « Ma dat war keen anere wéi di béis Kinnegin, deng Stéifmamm ! » |
| Erzieler | …  sot ee vun den Zwergen, an déi 6 aner woussten, datt e recht hat : |
| Zwerg 3 | « Pass nëmmen op, gëff besser Uecht an Zukunft. Looss keen eran wa mir nët hei sin - keen ! Hues de verstan ? » |
| Erzieler | Iwwerdeems, am Schlass, huet déi béis Kinnegin sech alt erëm virun hiere Spijhel gestallt : Si hat hier Al-Frae-Kleeder natierlech ausgedoen, sech richteg erausgefiizt … a konnt ët kaum erwaarden hier Fro ze stellen : |
| Kinnegin | « Spijhel, Spijhel un der Wand , wéin ass déi Schéinsten am ganze Land?  sief éierlech ! » |
| Spijhel | « Kinnegin, *Dir* sitt déi Schéinst … » |

| | |
|---|---|
| Erzieler | Mä de Spijhel war nach nët fäerdeg : |
| Spijhel | « … hei am Schlass, … mä hannert de Koppe, bei de 7 Zwergen do ass … d'Schnéiwittchen. An dat ass nach dausend mol méi schéi wi Dir. » |
| Erzieler | Do war en erëm, dee Knuet am Mo. |
| Kinnegin | « Et liewt also ëmmer nach ! » |
| Erzieler | D'Kinnegin stoung do, wéi festgefruer. Hiere Bléck : sou eidel, an esou kal. Si huet wéilaang riichtaus gekuckt, nët an de Spijhel, mä duerch de Spijhel an déi déck Mauere vum Schlass hannendrun erduerch. Si hat nëmmen ee Gedanken : |
| Kinnegin | « Wéi kann ech ët lass ginn ? Wéi kann ech ët lass ginn ? » « Elo weess ech ët ! » |
| Erzieler | … huet s'op eemol gejaut : E gëftege Kamp, dat aalt Hexe-Mëttel, ass hier bäigefall - a si huet sech gläich un d'Aarbecht gemaach.<br><br>Et huet nët laang gedauert, du huet ët nees beim Schnéiwittchen un der Dier geklappt. Hatt war nees eleng, an nees eemol war ët ëm nët ganz geheier. Hannert dem Rideau erduerch huet ët erausgeluusst, an eng al Fra gesinn - eng aner wéi dësläscht : déi hei war bockeleg, a si huet sech op e Bengel gestäipt. An nawell huet d'Schnéiwittchen der Saach nët getraut : |
| Schnéiwittchen | « Gitt wann ech glift weider, bei en anert Haus : Ech däerf Iech nët opmaa'n ! » |
| Kinnegin (al Fra2) | « Allez, allez, et wäert Iech dach erlaabt sinn, wéinstens ze kucken », |
| Erzieler | … sot déi hannerlëschteg Porette, a si huet de Kamp virun d'Fënster gehal. D'Schnéiwittchen huet en natierlech duerch déi schmuel Spléck tëscht Rideau a Mauer gesinn. Hätt ët gewousst, datt ët nees seng eekleg Stéifmamm wär, déi do stong, just anescht verkleedt, dann hätt ët sech bestëmmt nët iwwerriede gelooss, d'Dier awer opzemaa'n. Mä dat konnt ët jo nët wëssen … an dofir stoung déi bockeleg Fra dann awer op eemol nees am Gank : |
| Kinnegin (al Fra2) | « Komm, ech kämmen Der d'Hoer - déi si jo voller Knätzelen ! » |
| Erzieler | D'Schnéiwittche wousst, datt déi al Fra recht hätt : Déi 7 Zwergen hate kee Kamp a keng Biischt am Haus, si hunn hier eege Knätzelen ëmmer ennert enger rouder Mutz verstoppt.<br><br>Ma knapps hat d'Stéifmamm deen éischte Putsch Hoer gekämmt, du huet d'Gëft och scho gewierkt. D'Schnéiwittchen ass an d'Gätte gaang, an déi al Hex huet sech séier duerch d'Bascht gemaach: Hiert Häerz huet gekluckst vu Freed, de Bengel huet s'an d'Luucht gehäit - an e Bockel hat s'op eemol och nët méi.<br><br>Glécklecherweis huet ët och déi Kéier net laang gedauert, bis d'Zwergen heem komm sinn. Si si grad esou erféiert, wéi déi éischte Kéier - ma si hunn och grad su séier reagéiert : |

| | |
|---|---|
| | Well huerteg ass hinnen dee Kamp opgefall, deen nach an den Hoer gestach huet - si hunn en erausgezunn - an domat hat d'Gëft keng Wierkung méi : d'Schnéiwittchen ass nees lues a lues erëm sech komm.<br><br>An déi al Hex ? Ma déi stoung alt schonn erëm virum Spihel : |
| Kinnegin | « Spijhel, Spijhel un der Wand , wéin ass déi Schéinsten am ganze Land?Sief éierlech ! » |
| Spijhel | « Kinnegin, *Dir* sitt déi Schéinst hei am Schlass mä hannert de Koppe, bei de 7 Zwergen do ass … d'Schnéiwittchen. An dat ass nach dausend mol méi schéi wi Dir. » |
| Kinnegin | « Ma kräizdonnerwieder, himmeladonnerbeen : dat kann dach nët sënn ! » |
| Erzieler | D'Kinnegin huet vu Roserei mat de Féiss op de Buedem getrampelt, hiere ganze Kierper huet geziddert : |
| Kinnegin | « Ech kréien dech, du knaschtegt Steck - ech kréien dech, a wann et mech mäin eegent Liewe kascht. » |
| Erzieler | Si huet sech verdréckt an en Zëmmer, ganz um Wupp vum Schlass, wou nie een higoung, wou emol nach keng Maische jee de Bauch wéi hat … a si huet hieren nächste Coup virbereedt. Deen definitiv läschten, do war se sech secher.<br><br>Deen anere Muergen - ët war nach nët ganz hell - ass si, déi Kéier als einfach Bauere-Fra verkleedt, aus dem Schlass geschlach … si hat e Kuerf voller Äppel am Aarm, herrlech Äppel - ee méi schéi wi deen aneren - an dee schéinsten, dee war fir d'Schnéiwittchen. |
| Kinnegin | « Et soll drun erstécken, et soll dru futti goen … » |
| Erzieler | … huet se de ganze Wee iwwer gegrommelt, mä d'Schnéiwittchen huet d'Dier nees nët opgemaach : |
| Schnéiwittchen | « Ech däerf kengem opmaa'n, déi 7 Zwergen hu merët verbueden. » |
| Kinnegin (Bauerefra) | « Dat verstinn ech … » |
| Erzieler | … sot déi falsch Louder … |
| Kinnegin (Bauerefra) | « … mä wells de mer sou gutt gefälls, hei, ech schenken Der en Apel ! » |
| Schnéiwittchen | « Ech däerf awer näischt unhuelen. » |
| Erzieler | D'Schnéiwittchen huet näischt dorop g'äntwert, ët war e bësse genéiert. |
| Kinnegin (Bauerefra) | « Kuck » |

| | |
|---|---|
| Erzieler | … sot déi Al du, |
| Kinnegin (Bauerefra) | « … ech iessen och e Steck dovun, da wäers de mer jo gleewen, dass deen Apel an der Rei ass. » |
| Erzieler | Deen Apel war natierlech nët an der Rei, e war vergëft - dorun hat d'Kinnegin jo den Dag virdrun an deem däischteren Zëmmerchen hannenaus am Schlass laang geschafft. Et war e wäissen Apel, mat 2 kiischteroude Bäckelcher. An an déi 2 rout Bäckelcher hat se hiert Gëft gesprëtzt. Si huet sech e Steck vun deem wäissen Deel erofgeschnidden an an de Mond gestach, dem Schnéiwittchen awer e roude Maufel duerch d'Fënster gereecht.<br><br>D'Schnéiwittchen hat d'Stéck Apel nach nët richteg ofgeschleckt, do ass ët schonn ëmgefall - sou séier hat d'Gëft gewierkt.<br><br>A wéi ët do louch, huet déi béis Kinnegin ët nach eemol ugekuckt, a knaschteg gelaacht : |
| Kinnegin | « Sou wäiss wi Schnéi, sou rout wi Blutt an su schwaarz wéi d'Nuecht - déi Kéier kritt kee méi dech un d'Liewen … » |
| Erzieler | A si hat recht : well wéi se owes virum Spijhel stoung, a gefrot huet: |
| Kinnegin | « Spijhel, Spijhel un der Wand , wéin ass déi Schéinsten hei am Land ? Sief éierlech ! » |
| Erzieler | …huet deen hier g'äenwert, kurz a knapp: |
| Spijhel | « Kinnegin, *Dir* sitt déi Allerschéinst wäit a breet, well wär et anescht, da wéisst ech bescheed! » |
| Erzieler | … an d'Kinnegin huet gestrahlt iwwer hiert ganzt Gesiicht, sou frou war se, déi eekleg Spullomp. |
| Erzieler | Deesälwechte Moment soutzen déi 7 Zwergen an hierem Heischen hannert de 7 Koppen do ze … kräischen. Si waren um Enn. Wéi se vun der Schaff heem komm waren, an d'Schnéiwittchen nees do louch, hate se wuel no engem Rimm gesicht, deen zevill enk zougezu wär, no engem Kamp, deen an den Hoer géif stiechen - oder no soss eppes, mä si hunn näischt fonnt : Si konnten hierer Prinzessin déi Kéier nët méi hëllefen. Kee Mënsch hätt si kënnen tréischten.<br><br>3 Deeg laang sinn d'Zwergen nët aus dem Haus gaang - si hunn näischt giess an näischt gedronk : Si hätte souwisou kee Maufel a keng Schlupp erofkritt, sou schlecht ass ët hinnen ergaang.<br><br>D'Schnéiwittchen haten s'op hier kleng Better geluecht, a si soutze ronderëm, ët ze bewonneren, ëm ët ze traueren an ze kräischen. |

| | |
|---|---|
| | No 3 Deeg wollte si ët u sech begruewen. Nëmmen : et huet nach esou frësch ausgesinn, esou lieweg - et huet ee gemengt, ët géif just schlofen, dobäi war ët fir ëmmer entschlof. Déi 7 Zwergen hunn ët allzäit einfach nët iwwer d'Häerz bruecht, dat schéint Kand an en däischtere Sarg ze leeën, an deen dann am Buedem ze vergruewen.<br><br>Dofir hu si e Sarg aus Glas gebaut, si hunn d'Schnéiwittchen drageluecht, an erausgedroen op eng vun de 7 Koppen. Do louch ët elo, opgeboert, an niewent him soutz Dag an Nuecht ëmmer ee vun de 7 Zwergen, Wuecht za halen.<br><br>Dat goung Wochen esou, Méint suguer - an d'Schnéiwittchen ass eemol esou schéi bliwwen wéi ët war : wäiss wéi schnéi, mat Baken esou rout wéi Blutt, an Hoer esou schwaarz wéi d'Nuecht.<br><br>Enges Dags huet e jonke Prënz, de Jong vun engem Kinnek, sech an deem Eck veriert, an - fir nom Wee ze froen - bei den Zwergen un d'Dier geklappt. Et war scho spéit: |
| Zwergen | « Wëllt Der nët e Maufel mat eis iessen ? Dir kënnt och gär iwwer Nuecht hei bleiwen » |
| Erzieler<br><br>Erzieler | … soten d'Zwergen. Si waren natierlech geéiert, e richtege Prënz bei sech ze hunn an - éierlech gesot - och alleguerte frou waren, emol op aner Gedanken ze kommen.<br><br>De Prënz huet déi Offer gär ugeholl - well hie war hongereg a mitt. Mä bis e sech an d'Bett konnt leeën, ass nach vill Zäit vergaang : d'Zwergen hun nämlech geschwat wéi Waasserfäll, bis déif an d'Nuecht eran hu si mat hierem héije Gaascht gepotert. Si hu geschwat, an de Prënz huet nogelauschtert. Se hunn ëm d'Geschicht erzielt vum Schnéiwittchen, dat enges Dags bei hinnen opgekräizt war, vu senger béiser Stéifmamm, déi e puer mol probéiert hat, ët ëmzebrengen, wat hier jo leider enges Dags du och gelonge war. Mä vrun allem hunn déi kleng Männercher ëmmer erëm dovu geschwäermt, wéi léif a schéin dat Meedche war.<br><br>Doduerch ass de Prënz natierlech virwëtzeg ginn : Hie wollt d'Schnéiwittchen onbedengt gesinn, an deen anere Muergen - an aller Härgotts Fréi - sinn d'Zwergen du och mat him op d'Kopp eropgaang.<br><br>Si haten nët iwwerdriwwen ; de Prënz war direkt verkaaft : |
| Prënz | « Esou eppes schéines hunn ech nach nie gesinn. Loosst mech d'Schnéiwittche mathuele, wann ech glift. » |
| Erzieler | Ugangs wollten d'Zwerge nët, mä de Prënz huet sech nët ginn : |
| Prënz | |

| | |
|---|---|
| | « Ech verspriechen Iech : et kritt eng Eiereplaatz, am Kinneksschlass - ech wëll ët fir ëmmer bei mer hunn. An Dir kënnt och kommen, sou dachs wéi Der wëllt - loosst mech nët hänken, gitt mer d'Erlaabnis. Dir kënnt Iech nët virstellen, wat dat mer géng bedeiten. » |
| Erzieler | Du konnten d'Zwergen dem Prënz säi Wonsch nët méi ofschloen - si woussten och, a ware sech secher, datt et him éierlech gemengt war, an dass hien näischt béises am Kapp hätt.<br><br>De Prënz huet seng Denger ugestallt, de Sarg ze droen … d'Kopp erof, an de Bësch eran … mä do ass ee vun den Denger op eemol mam Fouss an engem Strauch hänke bliwwen, e wär op een Hoer getrollt. De Prënz wollt e scho vernennen - mä duerch dat Mëssgescheck war dat gëftegt Steck Apel, dat dem Schnéiwittchen am Hals stieche bliwwe war, lassgaang … an hei, et war bal nët ze gleewen : d'Schnéiwittchen huet d'Aen nees opgemaach - et huet nees geliewt !!! |
| Schnéiwittchen | « Wou sinn ech ? » |
| Erzieler | … huet ët ganz verschotert gefrot. |
| Prënz | « Du bass bei mir, an du bleiws bei mir ! » |
| Erzieler | … sot de Kinnekjong, an huet em alles erzielt, wat e vun de Zwerge gewuer gi war. |
| Prënz | « Ech si méi frou mat Dir wéi mat soss eppes op der Welt. Komm mat op d'Schlass, bei mäi Papp - ech wëll dech bestueden, an dech e Liewe laang bei mer hunn. » |
| Erzieler | An esou ass ët dann och gaang : et gouf eng prachtvoll Hochzäit, e groussaartegt Fest, dat um Schlass gefeiert ginn ass. A grad su schéi wéi d'Bestiednis gouf och hiert ganz Liewen : D'Schnéiwittchen a säi Prënz ware glécklech mateneen, all eenzelnen Dag.<br><br>D'Stéifmamm awer soutz bis un d'Enn vun hieren Deeg just nach verbattert an hierer Kummer. Si wollt kee Mënsch méi gesinn, si wollt mat kengem méi schwätzen - an iwwregens wollt och keen anere si gesinn, oder sech mat hier ënnerhalen. De Spijhel hat se an 1.000 Stécker zerschloen, well se d'Wourecht nët konnt verdroen.<br><br>(Musek)<br><br>A wan se nët gestuerwen sinn, da liewen se nach haut! |